N° 4831
Reçue le 11.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.08.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/08/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

*Reporter.lu* hat am Artikel *Les ventes au noir des pharmacies* (11.6.2021) dovunner beriicht, dass sech eng Rëtsch Apdikten hei am Land am grousse Stil dem Steierbedruch schëlleg gemaach hunn an dat ënnert anerem duerch Venten um Schwaarzmaart. Dëst war duerch Kontrolle vun der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA (AED) opgefall.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Steierkontrolle vu privat Persounen,bei deene Beamten op den Terrain gaange sinn, goufen an deene leschte 5 Joer organiséiert (opgelëscht no Joer an no Büro)?

2. Wéi vill Steierkontrolle bei Firmen, bei deene Beamten op den Terrain gaange sinn, goufen an deene leschte 5 Joer organiséiert (opgelëscht no Joer an no Büro)?

3. An wéi ville Fäll gouf an deene leschte 5 Joer mat auslänneschen Administratiounen zesumme geschafft, fir Persounen oder Firmen aus dem Ausland ze kontrolléieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

N° 4831
Reçue le 14.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 83ax2788b

Luxembourg, le 14 SEP. 2021

**Concerne :** Question parlementaire n° 4831 du 11 août 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant les contrôles effectués par l'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale:
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.mfin.gouvernement.lu

144 000003 20040525 FR

**Äntwert vum Finanzminister Pierre Gramegna op d'parlamentaresch Fro n°4831 vum 11. August 2021 vum éierbaren Deputéierte Marc Goergen iwwert Kontrollen vun der Enregistrementsverwaltung**

An senger parlamentarescher Fro wëll den honorabelen Deputéierte wëssen, wéi vill Kontrolle vun der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA (AED) an de leschte Jore virgeholl goufen. D'Verwaltung huet an de Joren 2017-2021 am ganze 6043 Kontrollen um Terrain am Beräich vun der TVA ausgefouert. A 784 Fäll sinn Assistenz-Ufroe respektiv spontan Informatiounen un d'Autoritéiten aus aneren EU-Memberstate weidergeleet ginn. Den Detail vun dëse Kontrollen ass am Tableau hei hannendrun opgelëscht.

**TVA-Kontrolle um Terrain**

| | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021* | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Physesch Persounen | 224 | 128 | 124 | 62 | 33 | 571 |
| Gesellschaften | 1740 | 1206 | 1171 | 852 | 503 | 5472 |
| Total | **1964** | **1334** | **1295** | **914** | **536** | **6043** |

**Zesummenaarbecht mat den Autoritéiten aus aneren EU-Memberstaten**

| | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021* | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Ugefrote Kontrolle vu Betriber mat Sëtz an aneren EU-Memberstaten | 79 | 97 | 69 | 47 | 41 | 333 |
| Spontaninformatiounen un aner EU-Memberstaten | 62 | 48 | 78 | 65 | 33 | 286 |
| Total | **141** | **145** | **147** | **112** | **74** | **619** |

* ad 2021: Donnéeë bis Enn Juli 2021